**Evangelium vum 11. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 9,36 - 10,8**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

36 Wéi de Jesus déi vill Leit gesinn huet,
huet et him am Häerz wéigedoen,
well si waren um Enn,
an si waren doruechter verspreet *wéi Schof, déi keen Hiert hunn*[i].
37 Du sot hien zu senge Jünger: "D'Rekolt ass grouss,
ma d'Aarbechter sinn net zu dacks.
38 Biet duerfir den Här,
datt hien Aarbechter an seng Rekolt erausschéckt!"

1 An hien huet seng zwielef Jünger bei sech geruff
an hinne Muecht iwwer onreng Geeschter ginn,
esou datt si se ausdreiwen
an all Krankheet an all Gebriechen heele konnten.

2 Deenen zwielef Apostelen hir Nimm sinn déi heiten:
fir d'éischt de Simon, dee Péitrus genannt gouf,
an den Andreas, säi Brudder;
de Jakobus, dem Zebedäus säi Jong,
an de Johannes, säi Brudder;
3 de Philippus an de Bartholomäus;
den Thomas an de Matthäus, de Steierandreiwer;
de Jakobus, dem Alphäus säi Jong,
an den Thaddäus;
4 de Simon, de Kananäer,
an de Judas Iskarioth, deen de Jesus verroden huet.

5 Dës Zwielef huet de Jesus erausgeschéckt,
an hien huet hinnen den Uerder ginn:
"Gitt net op de Wee vun den Heeden,
a gitt net an eng vun de Samariter hire Stied eran,
6 ma gitt villméi bei déi verluere Schof aus dem Haus Israel!

7 Verkënnegt ënnerwee: 'D'Himmelräich ass um Kommen!'

8 Heelt Kranker,
erwächt Doudeger,
rengegt Aussätzeger,
dreift Dämonen aus!
Fir näischt hutt dir kritt,
fir näischt sollt dir ginn!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Num 27,17; Jdt 11,19; 2 Chr 18,16.*